N°786
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 786 vum 24. Mee 2024 vum Här Deputéierte Ben Polidori**

**Ad. 1 an 2**

Wat dës Froen ugeet, verweisen ech op meng Äntwert vum 25. Juni 2024 op d'parlamentaresch Fro n°776.

**Ad. 3**

Virop sief ze präziséieren datt d'Aarbechten um national klasséierte Schlass zu Eesebuer vum Kulturministère erlaabt goufen a vum Institut national pour le patrimoine architectural - INPA begleet ginn. Beim Gebai zu Dippech, wat e kommunale Schutz hat, gouf de Parquet informéiert.

Fir d'Denkmalfleeg am Land virunzedreiwen, setzt d'Regierung awer virun allem op d'Preventioun a Sensibiliséierung vun de concernéierten Acteuren. An dësem Kontext wëll ech rappeléieren, datt den INPA an de leschte 15 Joer alle Gemenge gehollef huet déi Haiser z'identifizéieren déi op kommunalem Niveau en Denkmalwäert hunn. Op haut si ronn 20.400 vun deene bal 28.400 Haiser déi reperéiert goufe vu Gemenge geschützt ginn.

Dernieft ass den INPA am gaangen op Basis vum Patrimoinesgesetz vun 2022 progressiv an all de Gemenge vum Land Inventairen opzestellen, op deenen déi schützenswäert Gebaier identifizéiert ginn. Op Basis vun dësen Inventairë gi fir déi verschidde Gemengen national Klassementsprozeduren an d'Weeër geleet, mat deenen all d'Gebaier déi inventariséiert goufe geschützt ginn, dëst nodeems eng ëffentlech Enquête realiséiert ginn ass.

**Ad. 4**

Zum Zäitpunkt wou d'Gemeng hir Autorisatioun fir d'Transformatiounsaarbechte vum Gebai ausgestallt hat, war d'Zone d'observation (ZOA) nach net en vigueur. Et bestoung deemno keng Obligatioun fir d'Aarbechten am Virfeld dem Kulturminister, respektiv dem Institut national de recherches archéologiques (INRA), z'ënnerbreeden.

Den INRA gouf de 14. Mee op Basis vun enger telefonescher Fundmeldung op de Chantier geruff. D'Experte vum Service d'archéologie médiévale vum INRA hunn direkt eng Expertise vum Lieu realiséiert, a konnten dobäi weder archeologesch Decouverten, nach generell Agrëff an de Buedem feststellen.

**Ad. 5**

Am Respekt vun der Gemengenautonomie, ënnerstëtzt an encouragéiert d'Regierung d'Efforte vun de Gemengen a punkto Denkmalschutz, a begréisst et wann e Gebai wat national geschützt ass och kommunal protegéiert gëtt.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024.

De Kulturminister

(s.) Eric Thill